PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Gesondheet weiderzeleeden.

Lëtzebuerg hat ënnert der folgender Deskriptioun eng Ausschreiwung gemaach:

> *La direction de la santé souhaite sélectionner un ou plusieurs opérateurs économiques pour fournir un support de gouvernance et un support méthodologique, opérationnel et administratif (en étroite collaboration avec les équipes de la Direction de la santé et du Haut-Commissariat à la protection nationale) dans toutes les étapes du projet de vaccination contre le Covid-19, dont particulièrement la gestion opérationnelle des campagnes de vaccination, des centres de vaccination et des équipes mobiles, ainsi que la mise en place et l'opération d'une helpline vaccination.*

Den 23. Februar gouf public, wéi eng Entreprisen no der Ausschreiwung *Luxembourg-Luxembourg: Project management consultancy services 2021/S 037-093027* e Kontrakt mat der Lëtzebuerger Regierung ofschléisse konnten.

De Kontrakt mat der Nummer 2002094 a mam Titel "Équipe coordination" goung un ee vun de Big Four an ëmfaasst eng Zomme vun 835'100 EUR.

De Kontrakt mat der Nummer 00002 a mam Titel "Helpline vaccination" goung ënnert anerem och un ee vun de Big Four an ëmfaasst eng Zomme vun 8'957'465 EUR.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat waren d'Krittären, no deenen d'Regierung dës Entreprisen ausgewielt huet?
   Duerch wéi eng Offer/Kompetenzen hunn d'Entreprisen, déi gewielt goufen, iwwerzeegt?

2. Wéi verdeelen sech d'Käschte vum Projet "Equipe coordination"?

Wéi eng Tâchë goufe mat wéi vill Euro berechent, fir op eng Gesamtzomm vun iwwer 800'000 Euro ze kommen?

3. Wéi verdeelen sech d'Käschte vum Projet "Helpline vaccination"?
   Wéi eng Tâchë goufe mat wéi vill Euro berechent, fir op eng Gesamtzomm vu bal 9 Milliounen Euro fir eng Hotline ze kommen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député